



Gemeinsam Äntwert vum Här Xavier Bettel, Kommunikatiouns- a Medieminister, vun der Madame Sam Tanson, Justizministesch an dem Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro N° 6690 vum 19. August 2022 vum Här Deputéierten Marc Goergen zu "Protection des données dans le cadre de Google Street View au Luxembourg"

1. Wéi stinn d'Ministernen vun enger Verschärfung vum Dateschutz-Gesetz dohingehend, dass den Opt-out virum Filmen a Verëffentlechen vun de Biller soll geschéien?

D'Opnamen vu Biller fir Servicer wéi Google Street View mussen a Konformitéit mat den Dispositione vum europäeschen Dateschutzreglement¹ ("RGPD") gemaach ginn. Den RGPD, dee säit dem 25. Mee 2018 an allen EU Memberstater akraaft ass, ass als technologesch neutral konzipéiert ginn, andeems en op allgemenge Prinzipien baséiert, éischer wéi spezifeschen Technologien. Dëst erlaabt et dem RGPD all nei Technologien ze couvréieren fir déi déi selwecht allgemeng Prinzipien gëllen.

Deemno mussen beispillsweis Gesichter a Plackenummeren virun der Verëffentlechung automatesch verpixelt ginn an d'Bevëlkerung muss am viraus iwwert d'Opnamen informéiert ginn. Am Fall wou déi automatesch Verpixelung net stattfonnt huet oder falls eng méi prononcéiert Verpixelung erwünscht ass, huet no der Verëffentlechung all Persoun d'Méiglechkeet hiren "droit d'opposition" z'exercéieren.

Fir weider Detailer ass den honorabelen Deputéierte gebieden sech op d'Äntwert op d'Fro n°3 vum 31. Oktober 2018 ze referéieren.

2. Wat réit de Minister de Biergerinnen a Bierger, fir hir Privatsphär an dësem Fall ze schützen?

Wéi d'Dateschutzkommissioun ("CNPD") an engem Communiqué² vum 6. Juli 2022 erkläert, kann d'Verpixelung vun engem spezifesche Bild bei Google ugefrot ginn. D'Prozedur dozou gëtt an dem genannte Communiqué beschriwwen.

3. Ass et an der Vergaangenheet virkomm, dass d'Biller vun den TechGigante hei am Land genotzt goufen, fir Verbriechen ze begoen? Zum Beispill am Fall vun engem Abroch, Déifstaal oder Sonstegem?

Et kann een dovun ausgoen, dass d'Bildmaterial, dat um Internet fräi accessibel ass, wei z.B. Satellittebiller, Stroossenusiichten, Fotoen op de soziale Reseauen, och fir kriminell Zwecker benotzt gëtt. D'Consultatioun vun esou Donnéeën hannerléisst awer och digital Spueren, déi schonns méi oft gehollef hunn, fir Strofdoten opzeklären.

D'Justizautoritéiten verfügen awer net iwwer Statistiken, ob e Bild vun den TechGigante genotzt gouf, fir Verbriechen ze begoen.

¹ Règlement (UE) 2016/679 du Parlement européen et du Conseil du 27 avril 2016 relatif à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel et à la libre circulation de ces données, et abrogeant la directive 95/46/CE

² <https://cnpd.public.lu/fr/actualites/national/2022/07/gsv-luxembourg-droit-d-opposition.html>

Lëtzebuerg, den 16. September 2022
De Kommunikatiouns – a Medieminister
(s.) Xavier Bettel